N° 8388
Entrée le 20.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.10.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Modalitéiten fir eng Stagereductioun als Gemengenemployé:e oder -fonctionnaire ze kréien, gi vum Règlement grand-ducal vum 14. August 2017 gereegelt. Den 1. Juli 2023 gouf den Artikel 2 vun dësem Reglement em folgende Saz ergänzt: « L'agent bénéficie d'une réduction du service provisoire à condition que sa formation puisse être accomplie au cours du service provisoire. »

An der Circulaire n° 2023-091 huet de Ministère d'Gemengen den 20. Juli 2023 iwwert dës Ännerung informéiert a kloer gestallt, dass an Zukunft keng retroaktiv Nominatioune méi méiglech wärte sinn. Konkret heescht et am Schreiwes: "Je tiens à préciser qu'une éventuelle nomination définitive future ne pourra, le cas échéant, pas avoir d'effet rétroactif."

Och fir Gemengenemployé:en a -fonctionnairen, déi virum 1. Juli 2023 an den Déngscht vun de Gemenge getruede sinn a schonn eng Réduction du service provisoire accordéiert kruten, sollen déi nei Reegele gëllen. Dëst ass dowéinst problematesch, well net all déi concernéiert Gemengenemployé:en a -fonctionnairen wärend hirer reduzéierter Stagezäit d'Méiglechkeet kruten, déi gefrote Formatiounen ze maachen, well et net genuch Formatiounsplazen gouf. Dës Persoune mussen - anescht wéi et beim Untriede vun hirem Poste geheescht huet - hire Stage elo ouni d'Méiglechkeet vun enger Nomination définitive mat Effet rétroactif verlängeren a verléieren esou en Deel vun hirem Akommes.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gouf decidéiert, op eng Iwwergangsreegelung ze verzichten, fir Persounen, déi virum 1. Juli 2023 per Arrêté agestallt goufen an och virun dësem Datum hier Reduktioun vum Service provisoire accordéiert kruten?
   Hält d'Regierung dru fest, hei keng Iwwergangsreegelungen ze huelen?

2. Wéi vill Persounen, déi virum 1. Juli 2023 per Arrêté agestallt goufen an och hier Réduction du service provisoire virun dësem Datum accordéiert kruten, waren den 1. Juli 2023 bei de Gemengen am Service provisoire?

3. Bei wéi ville Formatiounen/Coure fir Gemengenemployé:en a -fonctionnairen war an de leschten 3 Joer d'Unzuel vun den Umeldunge méi héich wéi d'Unzuel u fräie Formatiounsplazen?

4. Wéi gesinn d'Pläng aus, fir d'Offer u Formatiounsplazen ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten